Freides, den 30. Juli 2010

MMX-trablat

N°9

Offiziell Campzeitung vum Nationalen AvEx Summercamp

21.-31. Juli 2010 zu Stengefort

Hike

EE SKANDAL RONDREM DE CAMP-DRAACH JOT DEEN ANEREN

WOU ASS DE FRESSI?

FRESSI VUN AVEX GEHEELT … AN DUERNO AUSGEBRACH!!!

D'Ritter ouni Steng kommen net zur Rou. Nodeems déi daper AvEx vun den 3 Völker Søfolk, E.P.O. a KuNekka am Kinnekräich Adventum mat Hëllef vun der gudder Hex Trofegnets dofir gesuergt hunn, datt de Fressi vu sengem Zauber befreit ginn ass, hunn d'Ritter ouni Steng de Moien eng fierchterlech Entdeckung gemat …

D'Hex Trofegnets mat hiere Gesellen

Fressi gouf geheelt.

Nodeems déi brachial Methoden vum Jang de Verkuelten (fréier bekannt als Jang den Ugesenkten) fir de Fressi zur Vernonft ze bréngen versot hunn, hat déi gutt Hex Trofegnets den AvEx d'Rezept fir een Zauberdrank verroden, deen hinne magesch Kräfte ginn huet. D'AvEx hunn d'Zutaten op 5 verschiddene Weeër gesammelt, an no engem Zaubersproch gesicht mat deem senger Hëllef si de Fressi zesumme mam Trofegnets heele konnten. D'Ritter ouni Steng hu gëschter Owend an enger speziell ageruffener Audienz virum Kinnek Romain dorobber gehalen, d'AvEx an deenen héchsten Téin ze luewen.

650 SES-Bidonen konnten déi 76 AvEx Ekippen entgéint huelen. (Et lafen Gerüchter, no deenen deen een oder aanere Bidon souguer de Wee bis op d´Campplaz fonnt hätt. Dem Kinnek Romain säin Hofnarr wëll souguer ee mat eegenen A gesinn hunn.) 10.893 Schëss mat selwer gebautene Feiler a Béi goufen vun den AvEx ofginn, a 601 Mol gouf getraff. Eenzel AvEx waren esou motiveiert a moudebewosst, datt si hir, angeblech, elle Biergschong léiwer am Rucksak matgedroen hätten, wéi se unzedoen. Réimer, Kaarten, an AvEx goufe verluer an heinsdo och rëmfonnt. De Medicus „David de Bluddegen" wier frou wann die 1. Hëllef-Troussen, déi nach feelen, och nach géife rëmbruecht ginn.

Shortcuts

Hike
Säit 1

Bistro
Säit 2

Shop
Sofolk Visiten
Säit 3

Sofolk Nuetsspill
Holzekipp
Säit 4

KuNekka Challenge &
Souscampveillée
Säit 5

Fundbüro, D'Gamma soe
Merci
Säit 6

Wieder, Wousst der schon,
News, Historik, Pinnwand
Säit 7

Witz-Eck, Medicus, Rätsel,
Sudoku
Säit 8

MMX-trablat



N°9

Offiziell Campzeitung vum Nationalen AvEx Summercamp 21.-31. Juli 2010 zu Stengefort

Jang « Deng Mam ass eng Beel »

Fressi no Heelung spuerlos verschwonnen

Grouss war d'Freed bei de Ritter ouni Steng wéi de Fressi no senger Heelung nees zum gudden Draach gi war. Endlech konnte si him rëm de Bauch kraulen. Emsou méi grouss war och d'Entsetze wéi de Quasi Modo de Moien beim Klackelauden huet misse feststellen, datt de gudde Fressi net méi a senger Hiel wier.

De Fressi as ausgebrach

Ass de Jang de Verkuelten Schold?

Jang de Verkuelten

Onbestätegte Informatiounen no, déi onser Redaktioun virleien, wär de Fressi no senger Heelung net méi grad de selwechte gewiescht. Dem Jang seng taktesch Krichsféierung, mat der moralescher Beleidegung „Deng Mamm ass eng Beel" kéint deemno dozou gefouert hunn, datt de Fressi depressiv ginn ass. Aner Quelle schwätzen dovunner, hie géif sech schumme well hien zum béisen Draach gi war. Eng Entfeierung duerch den niddrege Raiber „Aanven ouni Hoer", déi am Ufank a Betruecht gezu gi war, konnt awer opgrond vum Zoustand vun der Entreespaart zur Draachenhiel ausgeschloss ginn. D'Paart war nämlech vu bannen opgebrach ginn, an dem Fressi seng Krallen- a Feierspuren sinn däitlech op der Plaz z'erkennen ...

Wien also eppes vum Fressi wees, soll sech bei de Ritter ouni Steng (an ouni Draach) mellen. Op kee Fall ass geroden dem Fressi alleng ze no ze kommen. De kinnekleche Kach „Vic mat den 3 Krellen" hält och drop ze betounen, datt keen Draachefleesch um Adventum däerf giess ginn, … och net mat enger jéinescher Zooss!

Bistro

Hei ee klengen Interview mam Steve a mam Caroline, di eis am "Kowergatsch beim Braukese Farek" ëmmer genuch Popcorn, Draacheneeër, Plömperten… zur Verfügung gestalt hunn. Een décke Merci dofir.

<u>Kënnt dir iech kuerz virstellen?</u>
Ech sinn d'Caroline Marie-Antoinette, d'Taverneuse hei. An ech sinn de Steve, de Kowergatsch.

<u>Wéi ass d'Ambiance hei, moies an owes?</u>
Am Allgemenge gutt, et gëtt hei ëmmer eppes ze dinn. D'AvEx kommen eis dacks besichen a wëllen ëmmer de ganze Pocorn, mee Kanner, mir hunn nach méi wei genuch Glacen hei. Moies a Mëttes musse mir eis ëm d'Leit këmmeren, duerno d'Dëscher propper maachen, d'lesse fir den Owend virbereeden. Trotz all der Aarbecht ass et flott hei hannert dem Comptoir.

<u>Wéi verdreift dir iech d'Zäit?</u>
Wéi eng Zäit? Wéis du grad gesäis maachen mir grad Hyposkrats, ee mëttelalterleche Gewürzwäin fir den Owend. Falls de seelene Moment opdaucht wou näischt ze dinn ass, ass do nach den onendleche Kampf géint d'Mécken.

<u>Ëm wéi vill Leit muss dir iech all Kéiers këmmeren?</u>
Oh, dat wäerten ëmmer ëm di 200 Leit sinn, fir gewéinlech 100 bis 120 op ee Koup.

MMX-trablat

N°9

Offiziell Campzeitung vum Nationalen AvEx Summercamp

21.-31. Juli 2010 zu Stengefort

Shop

Mir begréissen hei d'Jackel dat eis AvEx bestëmmt iwwer 100 mol am Shop gesot huet: „d'Öffnungszäit ass um 17:15 Auer".

Wéi gesinn di aktuell Verkaafszuelen aus?
Eis Kanner hunn vill ze vill Suën an der Täsch. Mir haten am Ufank 4 Këschten M&M's, di waren awer direkt fort an vu Noschub ass och bal kee méi do. Di restlech Séissegkeete ginn an engem normalen Tempo fort. Am Ufank vum Camp hate mir en Akommes vu 600€ pro Dag. Um Besuchsdag hu mir esouguer 1800€ verdéngt. Mëttlerweil huet sech dat ganzt e bëssen ofgekillt an huet sech op 200 bis 300€ den Dag reduzéiert.

Wat hutt dir nach ze vill op Lager?
Also, mir hu nach 6 Këschten Snickers, Schokola vum TransFair hu mir och nach, eis MMX Täscheluten an nach eis Camp Schlësselunhänger.

Gouf et bis lo ee schlechte Feedback?
Nee, mee ee klenge Message un déi AvEx, déi ëmmer bei mech akafe kommen: Et gëtt nach ëmmer NET gehandelt a keng Prozenter!

Souscamp Sofolk

Visiten

Wat gëtt et besseres wéi seng Haaptstad ze entdecken? Gëschter war eng Grupp vun AvEx am Kader vun de Visiten an d'Stad. Amplaz d'Geschäfter ze kucken, hunn se Deeler vun der Stad entdeckt, déi nach bal kee gesinn huet oder di deene meeschte guer nit opfalen. Dofir goufen d'AvEx an zwou Gruppe gedeelt: Di eng sinn an d'Kasematte gaang, di aner haten e Rallye duerch d'Uewerstad. D'Kasematte waren impressionant, et ass nämlech net duerch déi gaang, déi all Tourist kennt, mee d'AvEx haten d'Geleeënheet, fir Deeler vum Ënnergrond vun der Stad ze gesinn, déi fir d'Ëffentlechkeet zou waren. Bei der Spuerkeess sinn si era gaangen an duerch en Tunnel di aner Säit vun der Péitruss erëm erauskomm. Di aner Grupp huet d'Gebeier an d'Statuën (ausser d'Gëlle Fra, di ass am Congé) vun der Stad entdeckt. Duerch de Péitrussdall, rop laanscht d'Cité Judiciaire an de Palais bis bei de Kapuzinnertheater kruten se Froen iwwert d'Gebeier an d'Monumenter, wéi d'Statue vun der Grand-Duchesse Charlotte (och nach ënnert dem Numm Heeschefra bekannt), dem Fiisschen an de Gaukler. Mëttes goufen di zwou Gruppe gewiesselt, sou dass jiddereen di zwou Aktivitéite matgemeet huet.

MMX-trablat

N°9

Offiziell Campzeitung vum Nationalen AvEx Summercamp

21.-31. Juli 2010 zu Stengefort

Nuetsspill

Wikinger trainéieren de strategeschen Nuetsugréff

All gudde Wikinger vum Souscamp Søfolk weess sech am Nuetskampf ze behaapten. Dësen Nuetskampf gëtt ëmmer gären a Form vun engem strategeschem Nuetsspill trainéiert, och erëm esou di läscht Nuecht, wou 200 daper Kämpfer sech duerch d'Nuecht an de Bësch geschlach hunn, fir esou mat Hëllef vu Kreider, Zaubermëttel an dem Merlin hier Schluechten ze gewannen.

Holzekipp

Wien ass dann äre Chef hei um Camp?
De Claude Poensgen

Wei hudd dir iech font, respektiv wéi ass är Ekipp zesummegesat?
Di meescht sinn Ancienën vun de Péitenger Scouten an si ginn all 4 Joer zesummegetrommelt.

Zu weivill sidd dir an ärer Ekipp?
20 Leit an ee Mupp

Wor dir schons op anere Campën als Holzekipp derbäi a wa jo op wat fir engen?
Jo, an zwar vum Atlantis 1994 un. (Discovery 1998, Jambalaya 2002, Tupelay 2006)

Wéi huet Iech de Camp bis elo gefall?
Super, bis elo wor alles OK.

Wat woren är Haaptaufgaben hei um Camp?
De groussen Tuerm op der Haaptplaz, Konstruktiounsholz a Brennholz organiséieren a verdeelen.

Wëllt dir eis nach eppes mat op de Wee gin fir beim Ofrappen?
Dir kënnt är Zillen, Schwaarden a Konstruktiounsholz mat heem huelen, wann net bréngt der de Rescht propper bei eis erop an natierlech ouni Neel.

MMX-trablat

N°9

Offiziell Campzeitung vum Nationalen AvEx Summercamp

21.-31. Juli 2010 zu Stengefort

Souscamp Kunekka

Challenge

Gëschter war et un hirem Tuer fir sech am Challenge ze beweisen: ee Puzzle mat engem Dynamo beliichten, duerch de Bulli robben, e Risesudoku, eng Seelbunn, eng Stréipopp bauen, Schubkar fueren etc. En Dag voller Erliefnesser.

Souscampveillée

Gëschter Owend war e grousst Evenement um Souscamp Kunekka; de Prënz Hatschi an seng Prinzessin d'Bahia Tropical wollte sech d'Jo-Wuert ginn an haten de ganze Souscamp invitéiert fir hir Hochzäit mat hinnen ze feieren. Wéi et sech gehéiert, haat all Trupp hinnen e Cadeau matbruecht: een tolpatschegen Dénger vun de Réimecher, e Fächerdanz vun Esch Grenz, eng Phantasierees duerch d'Wüst vun den Grousbousser, en hallwen Zoo vu Klierf, ee selwer komponéiert Liddche vun den Diddelenger an nach villes méi. Mee kuerz virun dem entscheedende Moment huet d'Prinzessin kal Féiss kritt an huet sech aus dem Stëpps gemeet. Amplaz vum Hochzäitskuch ass et dunn alt eng Taass Téi ginn, nujee besser wéi guer näischt.

MMX-trablat N°9

Offiziell Campzeitung vum Nationalen AvEx Summercamp 21.-31. Juli 2010 zu Stengefort

Fundbüro

Di Saachen läit momentan am Fundbüro beim Sekretariat. Kommt HAUT siche wat der vermësst.

- AvEx-Foulardën a Foulards-Réng
- Adventum-Kapen
- Oueréng, Ketten, Bracelletën
- Mp3-Player, Ipod, Handy'en
- Sonnebrëller, Auer
- Täschelut, Kompass
- Porte-Monnaie
- Blo Füllfieder
- Toyota Autoschlëssel
- Duschgel, Shampoing, Wäschtrousse
- Zännbiischt, Biischt, Dicher, Läppeche
- Maillot, Schwammbrëll
- Prabelli, Karabiner
- Tasen, Besteck, Bidonën
- Arméi-Jacket, Vill Pulloveren, K-Way, Reejacketen, T-Shirt, Kuerz box, Strëmp,
- Schlofsak-Housse, Feldbett oder Stull-Housse
- Alu-Isomatt, Kappkëssen
- Eng See, eng Louche
- 1 Puer Biergschong

D'Gamma soe Merci

D'Gamma soen e grousse Merci un all Cheffen an aner Leit déi eis um Camp mat eisen AvEx gehollef hunn. Virun allem Merci un:

- de Petz
- de Machti
- d'Infraséquipe
- d'Hikeéquipe
- d'Holzéquipe
- an all deene Leit wou mer d'Nimm net kennen

MMX-trablat



N°9

Offiziell Campzeitung vum Nationalen AvEx Summercamp

21.-31. Juli 2010 zu Stengefort

Wousst der schon

- A Mexico an der Durango Wüst gëtt et ee Fleck deen "Zone der Stille“ heescht . Hei empfängt ee kee Radio oder TV-Signal.
- 1980 ass d'Spill PAC-MAN op de Maart komm - dat beléifstent Videosspill iwwerhaapt. Eigentlech sollt et PUCK MAN heeschen, mä d'Erfinder hu gefaart, dass d'Leit géifen Deeler vum P ofwëschen, an dann hätt dat ganzt een anere Sënn kritt :-).
- 1600 waren d'Thermometer mat Brandy gefëllt an nach net mat Quecksëlwer.
- D' Schubkar ass vun de Chineesen erfonnt ginn.

Wiederprevisioun vun haut

Haut bleift et dréche bei 23 Grad. Ee Genoss, da ginn ech mech mol gemittlech an d’Sonn leeën. Dofir gëtt d’Nuecht awer rëm gutt kal, bei 8 Grad. Dann ass et net fir nach een Tierchen iwwert d’Campplaz ze fléien.

News

- Réimech: "Um Slip" huet en Donneschden de Mëtten en Jetski-Unhänger den Auto mat an d'Waasser gezunn. Deen huet d'Musel direkt verschléckt.
- Bëschbränn a Portugal: Op direkt e puer Plaze sti grouss Deeler Bësch a Flamen. Dat virun allem am Norden an am Zentrum vum Land.
- Am Gala Tour de France an der Stad wënnt den Andy Schleck virum Philippe Gilbert an dem Nicolas Roche. 60.000 Leit waren do fir deem Spektakel nozekucken.
- Den däitschen Nationalspiller Sami Khedira wiesselt vum VfB Stuttgart op Real Madrid.

Pinnwand

Vermësstenaffär
Zu Sandweiler gëtt ee vermësst. Hie war gro an aus Plastik. Virun 9 Deeg huet hie Liicht an mäi Liewe bruecht. Aus dem A.S. Aventure koum hien hir. E war mir eng ganz grouss Hëllef beim Iessen. Zopp an Kelloggs wieren ouni hien onméiglech ziessen gewiercht. Wanns du dat hei liese giffs a weess wou mäin treie Gefährt dru wier, da mell dech beim Pol vu Sandweiler. Läffel, oh mäi Läffel. An aller Frëndschaft däi Pol.

Komponiste gesicht!
Mëttlerweil misst der jo alleguer d'Adventumlidd kënnen... Dicht eis eng nei, witzeg an originell Stroph a gidd se bei der PR-Equipp eran (dir kennt et och anonym maachen)! Déi bescht Strophë gi bei der Ofschloss Veillée gespillt!

Historik / Gebuertsdag

1419: Mam Prager Fenstersturz fänken a Mëtteleuropa d’Hussitekricher un

1502: De Christopher Columbus entdeckt di karibesch Insel Guanaja (*Aloha!*)

1971: De D. Scott an de J. Irwin landen mat der Apollo 15 als véiert NASA-Missioun um Mound an bleiwen 3 Deeg.

1966: England gëtt Fussballweltmeeschter am eegene Land, no engem 4:2 géint Däitschland an der Verlängerung.

2010: De Azenildo Ramos Lopes, de Charel Elsen, d‘Lisa Funk, de Loïc Zirnheld hu Gebuertsdag

MMX-trablat



N°9

Offiziell Campzeitung vum Nationalen AvEx Summercamp — 21.-31. Juli 2010 zu Stengefort

De Kapp am Rondel

Mir sichen nom Kapp am Rondel…

Ween ass dat leien ?
Bass du dat vläicht ?

Da komm bei eis an de PR-Container laanscht ….. Et gëtt eng kleng Iwwerraschung… ;-)

d'PR Ekipp

De Medicus réit:

Fir d'Oofriichten gëllt natierlech dat selwecht wéi beim opriichten:

- Do Schaffhändschen un, fir deng Fanger ze schützen.
- Do fest Schong un, fir deng Féiss ze schützen.
- Do en Helm op fir däi Kapp ze schützen (nee, dat war en Joke, mee pass trotzdem op, dass du keng Zeltstaang op d'Bëls kriss).

Rätsel

Sudoku

Medium

	8	1	6					
3				4				2
				8				9
5		4			6		2	
9	7						1	5
	3		9			4		7
1				5				
8				7				1
					1	5	3	

Bei Sonn:

- Kap op de Kapp.
- Sonnecrème op d'Haut.
- Genuch drénken.

Bei Reen:

- Kap a Kapuz op de Kapp.
- Reejackett ronderem d'Haut.
- Direkt ofdréchne wanns du naass bass.

Witz-Eck

Seet de Millionär zu sengem Jong : "Deet mer Leed, mee ech brauch de Chauffeur haut selwer." - "A wéi kommen ech dann an d'Schoul ?" beschwéiert sech de Jong. "Ma kanns De Der da nët en Taxi huelen wéi aner Kanner och ?!"

Zwee Zahnstocher gin an de Bësch spadséieren. Kënnt en Igel laanscht. Seet deen een Zahnstocher: " Oh hei, ech wousst guer net dass och e Bus géing fueren".